N°329
Entrée le 12.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

**Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique Serge Wilmes op d'parlamentaresch Fro n°329 vum 13.02.2024 vun den honorabelen Deputéierten Madamm Alexandra Schoos an Här Fred Keup iwwert d'Rechter vun de Personaldelegéierten an der Fonction publique**

Grad ewéi an der Fro n°167, déi di honorabel Deputéiert Madame Schoos eleng gestallt huet, maachen déi honorabel Deputéierte Madame Schoos an Här Keup an hirer Fro n°329 eng pauschal Behaaptung, datt zu Lëtzebuerg déi aarbechtsrechtlech Protektioun vum Personaldelegéierten am ëffentlechen Déngscht net géing respektéiert ginn.

Op där pauschaler Behaaptung baséieren déi verschidde Froen, déi di honorabel Deputéierte stellen.

Esou laang déi honorabel Deputéierte bei enger pauschaler Behaaptung bleiwen a keng konkret Beispiller ginn, déi hirer Meenung no beweisen, dat am ëffentleche Secteur déi aarbechtsrechtlech Protektioun vu Personaldelegéierten net géing respektéiert ginn, kann ech och keng präzis Äntwerte ginn.

Dëst gesot, am aktuellen Accord salarial ass virgesinn, datt en Austausch tëschent dem Minister fir d'Fonction publique an der CGFP stattfënnt, iwwert de Sujet vun der gewerkschaftlecher Fräiheet.

Op Demande vun der CGFP, wäert dee Sujet an engem Aarbechtsgrupp beschwat ginn. Déi éischt Reunioun ass zäitno geplangt. A wann d'Conclusioun sollt sinn, datt Textännerungen néideg wären, da wäert ech déi mat Sécherheet maachen.

Lëtzebuerg, den 12. Mäerz 2024

De Minister fir d'Fonction publique

(s.) Serge Wilmes

10, avenue John F. Kennedy
L-1855 Luxembourg
Tél. (+352) 247-83100
B.P. 1807
L-1018 Luxembourg
www.fonction-publique.public.lu